

jiddereen huet unerkannt, datt et e gudde Projet ass, deen am Intérêt vun der Landwirtschaft ass.

Ech si frou, datt Der en alleguerte stëmmt. Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4962.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir komme lo zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4931 iwwert d'Steierverwaltung an den Enregistrement. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

11. Proposition de loi 4931 modifiant

- 1) la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes et des accises;**
- 2) la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi gelungenerweis mäin Numm dréit an déi mer hei grouss Eier mécht, déi ech awer net méritéieren, an dat aus zwou Ursachen: Éischtens, well et eng Proposition de loi ass, déi vun der ganzer Kommissioun gedroe gëtt, also sämtleche Membre vun der Kommissioun, egal vu welcher politescher Richtung. Zweetens ass et jo soss näischt wéi en Deel vun engem Projet de loi, deen aus deem initiale Projet huet missen erausgeholl ginn, well de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet, an doduerch hei ënnert der Form vun enger Proposition de loi virgeluegt soll ginn. Also, ech wëll de Mérite, dee mer déi Propositionen hei gëtt, mat de Kolleegen deelen.

D'Proposition gesäit zwee Deeler vir: éischtens, d'Modifikatioun vun der loi organique vun der Steierverwaltung. Deen Deel war an dem Gesetz iwwert d'Reform vun de Steiere mat agefügt ginn. Wéi gesot hat de Statsrot eng Opposition formelle gemaach an dofir hu mer deen Deel erausgeholl.

Deen Deel gesäit fënnef Modifikatiounen vir; éischtens datt am Titel vun der Steierverwaltung, déi bis elo Administration des contributions et accises geheescht huet, dat Wuert "accises" gestrach gëtt, well dat eng Attributioun ass, déi de Moment bei der Douane läit.

Zweetens gëtt en onofhängege Service virgesinn, wat d'Poursuiten ubelaangt. Bis elo sinn d'Poursuitë bei der Steierverwaltung vun dem Receveur gemaach ginn. Do schéngt eng Incompatibilitéit an den Attributiounen ze sinn, asoufern de Receveur, deen am Fong geholl zoustänneg ass fir d'Suen ze encaisséieren, net och nach Poursuitë maache kann. Dofir gesäit d'Gesetz vir, en ofhängege Service ze kreéieren.

Déi drëtt Modifikatioun ass d'Introduktioun vun der Carrière vum Informatiker an der Carrière vum Redakter a vum Expéditionnaire, well eben d'Informatik och besonnesch an der Steierverwaltung ëmmer méi eng grouss Importenz kritt.

De véierte Volet gesäit vir, dass d'Zuel vun de Fonctionnaires, déi hors cadre kënnen avancéieren, vun zéng op

fënnfanzwanzeg an d'Luucht gesat gëtt. Dat esouwuel bei der Carrière vum Redakter wéi vum Expéditionnaire. Dir wësst, datt bei der Steierverwaltung d'Promotioun ëmmer un en Avancement an domat un e Changement normalerweis vum Service gebonnen ass. Dat ass eng gutt Saach fir dass d'Leit wierklech net ëmmer op deeneselwechten Dossiere sëtze bleiwen. Mä besonnesch a spezielle Fäll, dat heescht, wann eng Persoun héich spezialiséiert ass - ech gesinn do besonnesch den Domaine vun der Informatik oder vun der Steuerlégislatioun - an déplacéiert gëtt, fir dass se eng Promotioun ka kréien, ass dat net gutt. Dofir ass hei virgesinn, déi Zuel vun zéng op fënnfanzwanzeg eropzesetzen.

De fënneften a leschte Punkt vun deem éischten Deel ass deen, datt de Classement vum Soudirekter vun der Steierverwaltung, deen de Moment am Grad 16 ass, an de Grad 17 kënnt, wat d'Importenz besonnesch vun der Steierverwaltung, déi haut am Kader vun der Europäescher Unioun a besonnesch am Kader vun deene villen Dispositiounen, wat d'Finanzplaz vu Lëtzebuerg ausmécht, méritéiert.

Deen zweeten Deel ass eng Emännerung vun der Loi organique vum Enregistrement. Do ass et esou, dass am Budgetgesetz vun 2001 eng Erweiterung vum Kader vun der Verwaltung virgesi war. Firwat? Mä well de Regierungsrot virgesinn huet, dass d'Finanzadministratioun 35 Leit soll bäikréien, dat heescht d'Steierverwaltung, den Enregistrement an d'Douane. D'Posten am Enregistrement sinn awer alleguerte besat, soudass se am Fong geholl vun där Dispositioun de Moment net kënne Gebrauch maachen an dohier déi Modifikatioun. Also, Dir gesitt, et si reng technesch Modifikatiounen, wat déi eenzel Lois organiques ubelaangt. Ech mengen, déi Zoustëmmung vu jidderengem an der Kommissioun ass ginn an ech géif och Zoustëmmung hei vun eiser Fraktioun ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well dat och net sou oft mam Här Hauptert de Fall ass, freeën ech mech, wann hie schonn e Mérite mat eis deelt, fir dass mer en och mat him kënne deelen, soudass ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ka bréngen, wann ech och net schrecklech frou sinn, dass mer hei just den Numm vun der Administratioun changéieren, anstatt dass mer déi dräi Administratiounen zesummeféieren, wat nach wie vor mäi Wonsch ass fir d'Effikassitéit ze steigern. Menger Meenung no huet de Fait, dass mer d'Accisen eriwwer bei d'Douane geholl hunn, net nécessairement dozou gefouert, dass d'Chiffre-d'affaire méi einfach ze definéiere sinn, vu dass se lo op zwou Plazen definéiert ginn.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner huet den Här Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut huet ee jo gesinn, datt och eng Proposition de loi kann Erfolleg hunn. Wat den Inhalt vun där Proposition de loi ugeet, sou kënne mir deen nëmmen ënnerstëtzen, well e jo och dozou bäidréit fir d'Effizienz souwuel vun der Steierverwaltung wéi och vum Enregistrement ze verbessern. An deem Sënn brénge mir och eis Zoustëmmung dozou.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Robert Mehlen d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem mir eis laang an eiser Fraktioun iwwert de Projet ënnerhalen hunn, si mer zur Erkenntnis komm, datt mer dësem Projet kënne eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Stats- a Finanzminister, den Här Jean-Claude Juncker. Ass alles an der Rei?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances .- Ech gesinn dat och esou, Här President.

(Hilarité)

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer d'Proposition de loi 4931.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Proposition de loi ass mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre

Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par Mme Lydie Err);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4920. Et sinn ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

12. Projet de loi 4920 relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 5^e reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fonds International de Développement Agricole, kuerz och FIDA genannt, ass keng iwwerméisseg bekannten Organisatioun, an dach mécht en awer eng Zort Aarbecht an der Welt, déi sécher wäertvoll an appréciabel ass, an zu där eist Land regelméisseg och e finanzielle Beitrag leescht. Ëm genee dëse Beitrag geet et an deem heite Projet de loi.

De FIDA ass eng Organisatioun, déi an den Entwécklungslänner uerchert d'Welt landwirtschaftlech Entwécklungsprojete finanzéiert. Dës Projete kënnen mat landwirtschaftlecher Produktioun ze dinn hunn oder mat der Kommerzialiséierung vu Produkter. Si hunn awer eppes gemeinsam: Et geet bei der Aktioun vum FIDA ëmmer drëm, eng Ufankshëllef oder eng Starthëllef ze leeschten. An der Realitéit sollen déi implizéiert Leit nom Ofschloss vun deem FIDA-Projet selwer kënnen hir Aktivitéit weiderféieren an esou sech selwer an hir Familljen ernähre kënnen.

D'Tatsaach, dass de FIDA also Hëllef zur Selbsthëllef bedreift, erkläert datt en net mat risege finanzielle Bei-

träg operéiere muss. De Gesamtvolum vum deem jährleche FIDA-Budget beleeft sech op ronn 400 Milliounen Dollar. De FIDA reconstituéiert periodesch seng Ressourcen. Well e keng eege Recetten huet, fonctionnéiert dat duerch regelméisseg Erhiewungen, enger Aart Cotisatioun, déi seng Memberstaten da bezuelen. Fir déi fënneft Reconstitutioon vum de Ressourcë vum FIDA steet Lëtzebuerg fir maximal 400.000 Dollar bereet. Tatsächlech wäerten et wuel zimlech genee och 400.000 Dollar sinn, well déi fënneft Reconstitution vum FIDA soll déiselwecht Gesamtzomm opbréngen wéi déi véiert, an och deemools hu mer 400.000 Dollar agespeist.

Zu dëser lëtzebuergescher Partizipatioun ass am Prinzip soss net vill ze soen. Mir leeschten hei e korrekte Beitrag zu enger Tätigkeet, déi ënnert der Egide vun der UNO stattfënnt a sech aschreift an déi weltwäit Bestriewungen a Saachen Entwécklungszesummenaarbecht.

Et kéint een allerdéngs nach vill zur Sënnfälligkeet vum FIDA senger Aarbecht soen. Se zielt nämlech virun allem genau dorop of, fir déi ländleche Aarmut ze bekämpfen an déi Leit am ländleche Raum a villen Entwécklungslänner zu wirtschaftlechen Acteure ginn ze loossen. Si ginn am Kader vun esou Projeten, wéi de FIDA se finanzéiert a matgéréiert, an d'Situatioun versat, hiert Liewen op manner kuerzfristeg Manéier plangen ze mussen. Wann ee weess, datt et weltwäit nach dräi Milliarde Leit gëtt, déi pro Dag manner wéi zwee Dollar zur Verfügung hu fir ze iwwerliewen an datt ronn eng Milliard net emol een Dollar pro Dag hunn - dëst ass déi vun der UNO unerkannte Grenz vun der absoluter a batterer Aarmut -, da gesäit een, dass dës Leit all eenzelnen Dag mussen dofir suergen, datt se eppes ze iessen hunn. Se liewe sou ze soen an den Dag eran, oder wéi mir géife soen, vun der Hand an de Mond.

Entwécklungsprojeten am ländleche Raum sollen dozou bäidroen, datt fir ëmmer méi eng grouss Zuel vu Leit méi eng laangfristeg Liewensplanung méiglech gëtt. Si sollen d'Méiglechkeet kréien, iwwert den Dag eraus ze wëssen, firwat se schaffen, an datt vun hirer Aarbecht net nëmme si selwer an hir Familljen, mä och vill Matmënschen an hiren Dierfer kënnen profitéieren. Grad just am ländleche Raum ass et nämlech méiglech, mat relativ bescheidenem, mat relativ wéinegem finanziellen Opwand wirtschaftlech Aktivitéiten awer un d'Rullen ze kréien an domat dem ganzen Duerf op d'Been ze hëllefen.

Am Kontext vun der städtescher Aarmut ass esou eng Démarche wesentlech méi schwéier. Do ass et nämlech guer net einfach, konkret Usätz ze fannen, well déi sozial Bindungen tëschent de Leit manner oder guer net existéieren. Duerch de permanente weideren Zoustroum awer vu Leit, déi aus ländleche Géigende fortginn, verschäerfe sech d'Problemer an de Stied vum selwen all Dag weider. Sou gesinn ass d'Entwécklung vum ländleche Raum an deenen ärmste Länner eng konkret Moosnam géint d'Landflucht, a manner Landflucht bedeit och